# F.L.P.S.

Section de compétiton

CCRA IBAN LU11 0090 0000 2116 2003

---

P A R T E N A I R E S   O F F I C I E L S

| Fishing World | Assurance lalux John Grün | Aqua Zoo Pêche |
|---|---|---|
| 219B, rte de Luxembourg | 4, place de la paix | 67, av. J.F. Kennedy |
| L-3254 BETTEMBOURG | L-4275 ESCH/ALZETTE | L-9053 ETTELBRUCK |
| Tel.: 00352 (52 22 32) | Tel.: 00352 (691 335 337) | Tel.: 00352 (81 71 31) |

## Championnat I Divisioun (Dun sur Meuse)

23 Fëscher haten sech den 10 Juni moies fréi zu Dun-sur-Meuse afonnt fir déi 1. Manche vum nationalen Championnat 2023 an Ugrëff ze huelen. Kuerz virum Championnat hunn 2 Fëscher decidéiert awer net mat drun deel ze huelen. Well mer awer nëmmen 1 Platz nach besetzen konnten, wieren mer also net ganz besat.

Am Virfeld ass bei den Trainingseenheeten nawell gutt gefaangen ginn. Et war kloer erkenntlech dass Meuse eng Villfalt vun Zorten Fësch opzeweisen huet wou mir bei eis nëmmen nach dreemen kennen. Rout'a, Plaquetten, Bréissemen, Pijen an awer och nach Blénkerten an Lauen wéi och eenzel Makréilen sinn gefaangen ginn. Gottseidank ass dëst Gewässer awer vun der Grondel bis elo nach verschount bliwwen.

Samschdes moies dunn hunn eisen Coach den Jeff an ech selwer den Tirage virgeholl. Wéi et am Reglement virgesinn ass, gëtt eisen Championnat no engem System mat Configuratiounen gefëscht. Nom Tirage hunn d' Fëscher dunn och hier Platzen op gesicht an nom Signal vum Jeff konnten se dunn endlech opriichten.

Um genau 11 Auer ass et lassgaang. D' Manchen daueren insgesamt ëmmer 4 Stonnen. Et huet sech direkt bemierkt gemaach dass am Secteur A op den klengen Nummeren gefaang ginn ass. Zur Mëtt zou war et relativ schwéier. Och am 2ten Secteur konnt nëmmen den ieweschten Kapp, den Grün John vereenzelt besser Fësch fänken. Esou dass am Secteur A den Braun Steve näischt ubrennen gelooss huet an seng Manche mat iwwer 7 kg fir sech entscheeden konnt. 2ten ass ginn den Thinnes Mike (Billy) an drëtten den Schmitt Jérôme. Den B Secteur huet och den Grün John dominant mat iwwer 3 kg gewonn, do virum Steffen Mike an dem Stranen Roger.

Den zweeten Dag dunn ass déi 2. Manche op der selwechter Streck ausgedroen ginn. D' Bäissverhaalen war an sech iwwerall dat selwecht ewéi den éischten Dag. Op vereenzelt Platzen war et relativ schwéier un den Fësch erun ze kommen. Leit déi hier Taktik aleng op den decken Fësch gesat hunn sinn deels och belount ginn. Et ass awer ëmmer erëm schwéier den Risiko wëllen anzegoen. Deels sinn dann awer och déi Leit belount ginn. Esou ass dann och den A Secteur gewonn ginn vum Steffen Mike mat 5.800 gr. virum Deldegan

Manuel mat 3405 gr, an dem Steffen Kevin mat och nach knapps iwwer 3 Kilo. Den Secteur B huet den Braun Steve weider dominéiert an der Konkurrenz keng Chance gelooss. Eng kloer 1 Platz mat 9670 gr. koum dobäi eraus. 2ten ass ginn den Schmitt Jérôme an 3ten den Jadin Serge.

No 2 geféschten Manchen un engem wonnerschéinen Gewässer leien dann och ob deenen éischten Platzen den Braun Steve mat 2 Punkten, dann den Steffen Mike mat 3 Punkten an ob der 3ter Platz den Schmitt Jérôme mat 5 Punkten.

Ech soen all Fëscher een groussen Merci fir den Disziplin deen se gewisen hunn. Weider esou. Een Merci och un déi Leit de gehollef hunn, an speziell dem Jeff deen sech ëmmer nach bereet erkläert fir Aufgab vum Nationaltrainer ze erfëllen.

Déi nächst 2 Manchen ginn dann ausgedroen den 23ten an 24ten September bei eis doheem un der Musel.

Fernand Schmitt
Secrétaire
Section de compétition

